Ettelbrécker Urgence fir Kanner

# Groussen Undrang um 1. Weekend

Anne Wolff | Update: 05.02.2024 12:34



© Anne Wolff / RTL

**Zanter e Freideg mussen Elteren aus dem Norden net méi onbedéngt mat hirem Kand an d'Stad fueren, wann eng medezinesch Urgence ass.**

Am Ettelbrécker Spidol funktionéiert nämlech elo eng Urgence Pediatrique. Do kënne liicht bis mëttelschwéier Fäll versuergt ginn, bei schwéiere Fäll gëtt fir déi kleng Patienten den Transfer an d'Stad organiséiert. Den éischte Weekend war scho groussen Undrang. Iwwer 40 Fäll pro Dag waren et. Méi wéi geduecht, an domat net vill Zäit fir déi nei Ekippen, sech anzegewinnen. Den Dr. Mehran Rezvani hat e Freiden och säin éischten Aarbechtsdag zu Ettelbréck. Hien hätt haaptsächlech Wanterkränkte gesinn, also z.B Anginnen a Streptocoquen-Infektiounen.



Ma et wieren och e puer Fäll dobäi gewiescht, déi besser ee Rendez-vous an enger Praxis gemaach hätten. An der Urgence géif een eng 15 Minutte pro Patient aplangen, dat wier net genuch Zäit fir eng Consultatioun. An d'Urgence soll ee komme, wann et akut Symptomer sinn, oder den Zoustand vum Kand op eemol méi schlecht gëtt.

Zanterdeem d'Garde sur Place an de Bereetschaftsdéngscht bezuelt ginn, wier d'Schaffen am Spidol och nees méi attraktiv, erzielt den **Dr. Jean-Marc Cloos**, medezineschen Direkter vum Ettelbrécker Spidol. De Personalproblem géif sech domat lues a lues opléisen.

*"Mir hunn zwou Ekippen. Eng Ekipp déi eng Garde sur Place mécht, déi d'Pediatrie vu moies 8 bis owes 8 an eiser Urgence assuréiert. Déi zweet Ekipp mécht eng Astreinte (Ruffbereetschaft), déi dann dee Moment nach an der Kannerklinik laanscht geet."*

**Kardiologie ass nees operationell**

Am Beräich vun der Kardiologie haten d'lescht Joer jo déi 6 Häerzdoktere kollektiv d'Spidol verlooss. Aktuell hätt een erëm zwee Kardiologen, déi aktuell eng Ruffbereetschaft assuréieren. En Drëtte soll geschwënn dobäi kommen. Et ginn allerdéngs Operatioune wéi de Placement vun engem Häerzschrëttmécher mat Defibrillator, déi just am Häerzzentrum (INCCI) gemaach kënne ginn. Do géif een awer un enger Zesummenaarbecht schaffen.